PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/07/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Sougenannte Verkéiersspigel fënnt een aktuell nach op villen vun eise Stroossen a Kräizungen. Leider fënnt een zu Lëtzebuerg och nach vill Kräizungen, déi ënnert anerem och wéinst hirer Oniwwersiichtlechkeet eng Gefor fir d'Participanten am Stroosseverkéier duerstellen.

Op lokalem Niveau sinn et d'Gemengevertrieder déi oft am beschten esou Geforeplazen kënnen identifizéieren. An dëse Fäll kann e Verkéiersspigel hëllefen. An der rezenter Vergaangenheet ginn awer Demandë vu Gemenge bei der Administration des ponts et chaussées ofgeleent. Offiziell heescht et, dass esou Verkéiersspiggel net méi placéiert dierfe ginn. Laut eisen Informatioune geschitt dëst, well déi genannte Spigel keng präzis Aschätzung vun der Distanz vun den Autoen op de betreffende Kräizungen erlaben. Aus Mangel un Alternative bleiwen d'Geforen op dëse Plazen also bestoen. Zousätzlech stelle mir fest, dass a ville Gemengen déi existent Spigelen weder ersat nach fortgeholl ginn.

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi positionéiert sech de Ministère vis-a-vis vun dëser Problematik?
2. Kann de Ministère de genannte Grond sou konforméieren ? Falls jo, aus wéi enge Grënn ginn dann déi existéierend Spigelen net fortgeholl ?
3. Kann de Ministère eis soen, ob et Iwwerleeunge fir Alternativen zu dem Verkéiersspigel ginn ? Falls jo, wéini kennen dës agesat ginn ?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten